COMPTE ADMINISTRATIF 2015

a

COMPTE DE GESTION 2015

Madame, dir Hären,

D'Gemengegesetz seet a sengem Artikel 162 dat de Schäfferot op Basis vum Kont muss weisen dat hien de Budget sou ausgefouert huet wéi de Gemengerot e genehmegt hat a sech dobäi och un d 'Gesetzer a Reglementer gehalen huet. Duerfir wëlle mir Iech och elo den ofgeschlossenen Kont vun 2015 virleeën.

Et sinn dëst d'Konten vun dem véierten Exercice fir deen dëse Schäfferot déi politesch Verantwortung dréit. Well d 'Resultat vun dësem Kont och am Budget iwwerholl gëtt, geschidd d 'Virstellung vun den 2015er Ofschlosskonten virun der Presentatioun an dem Vote vun dem Budget rectifié fir d 'Joer 2016 an dem Budget fir d 'Joer 2017.

Wann de Budget en Dokument ass an deem d'Krediter virgesi sinn fir déi verschidde Projet 'en auszeféieren wei se em Gemengerot virschwiewen, an an deem d 'Recetten op Basis vun de leschten Informatiounen geschat ginn, béides no beschtem Wëssen a Gewëssen, sou , ginn d 'Konten Opschloss iwwert déi effektiv Einnamen an Ausgaben während engem Exercice.

De Kont 2015 erlaabt also och dem Gemengerot festzestellen a wéiwäit d 'Aschätzung vun de Recetten an den Dépensen bei der Opstellung vum Budget deemools der Realitéit entsprach huet.

D 'Eckdaten vun dem 2015*er* Kont sinn hei hannendrun nach eng Kéier opgefouert:

	Service Ordinaire	Service extraordinaire
Total des recettes	13.047.330,66	2.366.686,00
Total des dépenses	9.977.173,41	3.584.251,30
Boni propre à l'exercice	3.070.157,25	
Mali propre à l'exercice		1.217.565,30
Boni du compte 2014	10.997.176,64	
Boni général	14.067.333,89	
Mali général		1.217.565,30
Transfert ord./extraord.	1.217.565,30	1.217.565,30
Boni définitif	12.849.768,59	

Aus dësem Tableau gesinn mir datt d 'Joer 2015 mat engem definitive Boni vun 1.852.591,95 € ofgeschloss huet. Zielt een dann hei de Boni vun 2014 derbäi dee sech op 10.997.176,64 € beleeft, da gesäit een dat mer am Joer 2015 alles an allem en Iwwerschoss vun 12.849.768,59 € gemat hunn.

Compte ordinaire 2015

Den Total vun den uerdentlech Einnamen beleeft sech am Joer 2015 op 13.047.330,66 €.

Déi uerdentlech Dépensen louchen am Joer 2015 bei 9.977.173,41 €.

Am Joer 2015 beleeft sech d 'Zomm vun de staatlechen Einnamen un der Gewerbesteier an der Dotatioun de l'État op 10.520.451,52 €. Dat sinn 404.011,38 € manner wéi am Joer 2014.

Am Tableau hei hannendrun gesi mir, datt déi uerdentlech Gesamteinnahmen am Kont 2015 ëm ronn 5,3 % méi niddereg louchen wéi am Budget 2015 ageschat. D 'Ausgaben louchen am Kont 2015 em 9,8 % méi niddereg wéi urspréngleche virgesinn. Den ordinaire Boni fir 2015 ass ronn 13,3 % méi héich wei mer en am urspréngleche Budget 2015 gerechent haten.

	Budget init. 15	Budget rect.15	Compte 2015	Différence Compte/B.I. en %
Recettes ordinaires	13.776.199,41	14.020.995,35	13.047.330,66	-5,3 %
Dépenses ordinaires	11.063.943,00	10.904.397,00	9.977.173,41	- 9,8 %
Boni ordinaire	2.712.256,41	3.116.598,35	3.070.157,25	13,3 %

Bei den uerdentlechen Ausgaben gesäit et wei follegt aus fir 2015:

- Verwaltung an technesch Servicer schloe mat ronn 2,95 Milliounen zu Buch.
- D'Maison Relais an d 'Crèche hunn eis netto ronn 235.000 € kascht.
- D 'Käschten fir Pompjeeën belafen sech op netto 97.592,92 €.
- D' 'Musekscoursen an Zesummenaarbecht mat der UGDA, hunn eis 2015 176.652,75 € kascht. Mir kruten staatlech Subsiden vun insgesamt 95.416,00 €. D 'Aschreiwungen an di verschidden Coursen hunn eis 14.541,66 € bruecht. Hei muss d 'Gemeng also nach netto 66.695,09 € bäileeën.
- D 'Käschten fir den Offall ze entsuergen, belafen sech am Kont 2015 op 609.356,21 €. Dem stinn 208.423,87 € Recetten un Offalltaxen géintiwwer.
- D 'Participatioun un der Kläranlag huet eis 543.449,97 € am Joer 2015 kascht. D'Gesamtausgaben fir d'Traitement vum Ofwaasser louch bei 614.948,51 €. D 'Recetten un Klärtaxen louchen bei 408.750,44 €.
- Waasser hu mir akaaft fir 118.307,88 €. Insgesamt hu sech d'Waasserkäschten op 413.791,93 € belaf. De Verkaf vun Waasser an d 'Locatioun vun den Waasserzieler hunn eis 429.196,93 € erabruecht.

D 'Recetten bei Offall, Kanal a Waasser léien 2015 relativ niddereg well aus technesche Grënn an deem Joer nëmmen 1. Quittancement erausgaang ass. Duerfir wäerten déi Recetten am Exercice 2016 deementspriechend méi héich leien.

- D 'Rubrik Enseignement huet insgesamt 1.538.104,44 € kascht. U Recetten hu mir 57.162,20 € kritt. D 'Gemeng huet hei also Nettokäschten vun insgesamt 1.480.942,24 €.

Compte extraordinaire 2015

Wat déi aussergeweïnlechen Recetten an Dépensen ugeet gesäit een am Tableau hei hannendrun eng Géintiwwerstellen vun dem Ofschlosskont 2015 an dem Budget initial respektiv dem Budget rectifié vun dem Exercice 2015.

	Budget init. 15	Budget rect. 15	Compte 2015	Différence Compte/B.I. en %
Recettes extraordinaires	2.639.635,00	2.272.390,50	2.366.686,00	-10,34%
Dépenses extraordinaires	10.953.824,00	5.936.218,50	3.584.251,30	- 67,28%
Boni /Mali extraordinaire	-8.314.189,00	-3.663.828,00	-1.217.565,30	85,35%

Am Joer 2014 sinn 3.584.251,30 € investéiert ginn.

Den ausseruerdentlechen Ausgaben stinn extraordinär Recetten vun 2.366.686,00 € entgéint.

Déi wichtegst heivu sinn:

- 1.097.500 € Participatioun un der Infrastruktur vum Leyebierg-Centre
- 172.964,42 € Remboursement vun der “capacitée réservée” vum Prisong
- 255.285,00 € Subsid fir den Pacte Logement
- 675.581,00 € Subside fir déi nei d ‘Sportshal an der Dällt

Déi gréissten aussergeweïnlech Ausgaben waren 2015:

- 254.433,63 € fir den Ëmbau vun der Gemeng,
- 72.824,09 € fir d’Astandsetzung vum Sauerboesch,
- 227.472,09 € dir d ‘Verkéiersberouegung an der rue de Neuhaeusgen
- 248.235,27 € fir d ‘Erneierung vum Waassernetz,
- 172.964,42 € fir den Akaf vun zousätzlechem Waaserkapazitéiten,
- 1.184.870,48 € fir de Kaf vun Terrain ‘en an Haiser,

Ech wëll op dëser Platz awer och nach Personal aus dem Gemengesekretariat Merci soen fir hier Aarbecht bei der Opstellung vun den 2015er Konten. Dem Personal aus der Recette soen ech Merci fir hier exakt a gewëssenhaft Buchféierung.

Den 2015er Konten diskutéieren a stëmme mer wa se vum Inneminister kontrolléiert an aviséiert gi sinn.

Jean-Paul Jost, Finanzschäffen